

Matdeelung vun der Lëtzebuenger Sportfëschfederatioun un

ons Veräiner, Ententen an Sektionen :

Bis den 31. Juli sinn all gréisser öffentlech Manifestatiounen vun der Regierung wéinst der Corona-Kris verbueden.

Dat heescht, dat all gemeinschaftlech Fëschchen, déi bis zu dësem Datum virgesi waren, net dierfen ofgehale gin.

Verbueden sinn Fëschchen, déi fir dës Zäit an eisem Kalenner festgehale sinn, awer och Manifestatiounen op Vereinsniveau.

Kuckt och op eisem Site, wat fir eng international Fëschchen ofgesot oder verluecht sinn.

Wéi et weidergeet am Mount August, léisst sech haut nach net soen.

Mir setzen eis mat Iech a Verbindung, soubal mir Propositionen maache kënnen, mais mir bidden Ëm Gedold.

Et ass erlaabt, fir als Eenzelpersoun sengem Hobby nozegaen, mais et mussen all Restriktiounen agehale gin, an denkt drun, dat dir am Ausland d'Reglementer anhale musst, déi do gëllen.

Mir bidden Ëm Är Gedold an zielen drop, dat dir der Fëscherei trei bleift.

Bleift virun allem gesond !

Mat beschte Gréiss

Jos Scheuer
President

Pierrot Merten
Generalsekretär ff.